1-2021-0-J-7012-01 (n°3803)

Depot : Fred Keup

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

Interpellat° - métiers de l'artisanat

1

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- de Staat bei senger Aufgab fir déi jonk Generatiounen auszebilden, traditionell op eng staark Ënnerstëtzung duerch d'Privatbetriber zeréckgräife kann;
- dësen dualen Ausbildungsmodell eise jonke Leit säit Joerzéngten eng héich Qualifikatioun an e stabilt Fundament fir hire Start an d'Beruffsliewe bitt;

ass sech bewosst, datt

- de Staat an d'Gemengen dacks iwwer aner Méiglechkeete verfügen, fir jonke Leit attraktiv Aarbechtskonditiounen ze bidden, wéi kleng Privatbetriber;
- an deem Sënn wärend de leschte Joren en Ongläichgewiicht tëschent dem Staat an de Gemengen op där enger, an de Privatpatronen op där anerer Säit entstanen ass, well jonk Leit oft kuerz no hirer Ausbildung vum privaten an den ëffentleche Secteur wiesselen;

fuerdert d'Regierung op,

- bei der Konkurrenz mat de private Betriber op de "Level-Playing-Field" opzepassen an e Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir Privatbetriber ze indemniséieren, wa Leit déi si selwer ausgebilt hunn, wärend manner wéi dräi Joer nom Enn vun hirer Ausbildung an den ëffentleche Secteur wiesselen.

Fred Keup

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742